FÉDÉRATION SAINT-HUBERT DES CHASSEURS
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG A.S.B.L.
Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Grand-Duc
Organisation pour la Protection de la Nature agréée par arrêté ministériel du 3 octobre 2005
Bureau : 15, rue de l'Ecole L- 9167 MERTZIG
Tél. 26 880 988 ou 621 294 453 Fax : 26 880 989
E-mail: info@fshcl.lu – Internet: www.juegd.lu ou www.fshcl.lu

Mäerzeg, de 7. Mäerz 2019

**Pressematdeelung vun der FSHCL zum Thema**

## Afrikanesch Schwéngspescht

D'Jeeërfederatioun FSHCL muss mat Bedauere feststellen, dass d'ANF oder wéinstens verschidde Fonctionnairë vun der ANF, nëmmen zum Schäi gewëllt si fir mat eis ze schaffen!

Mir ginn zwar mat an d'TASK FORCE invitéiert (wahrscheinlech als Alibi), mee wann et drëms geet fir eng Informatiounsversammlung mat de Juegdpiechter ofzehalen, dann ass d'FSHCL net erwënscht!

Wann mir dann nach héieren, dass an der TASK FORCE **soll decidéiert** gi sinn fir d'Juegd op d'Schwäin an der Zone de Surveillance elo och wärend deene 6 Woche Juegdrou och am Bësch opzemaachen, da musse mir mat nach villen Aneren, eis d'Fro stellen, ob Si net an enger anerer Versammlung waren.

An der Task Force si vu ville Säite ganz vill Froen a Bedenke geäussert ginn! Mir kruten do awer vu kengem Representant vun de Ministèren eng konkret Äntwert! A wa mir d'Evenementer vun de leschte Wochen analyséieren, gi mir d'Gefill net lass, dass nees probéiert gëtt, engem de schwaarze Péiter zouzespillen.

Mir hunn an der Task Force onmëssverständlech gefrot, dass op mannst esou laang wéi de Risk vun der Schwéngspescht besteet, **di 6 Woche Juegdrou am ganze Land sollen opgehuewe ginn**. Dës Weideren hu mer gefuerdert, dass mir Jeeër all Moyen kréie sollen, fir esou vill Schwäin ewéi méiglech ze schéissen. Well d'Baueren, den Tourismus, an e ganze Koup aner Secteure vun der Lëtzebuerger Ekonomie wäerten et ze spiere kréien, wann d'Kand bis am Pëtz läit, oder anescht gesot, d'afrikanesch Schwéngspescht bei eis ausbrécht!

Wa mir Haut net gewëllt sinn all Schwäin dat iwwerrannt, geschoss oder fonnt ginn ass, ze ënnersichen (an zwar am ganze Land), dann heescht dat ganz kloer, dass ons Politik net wierklech wësse wëll wat lass ass! Dat nennt een eng "politique de l'autruche".
Mir sinn der Meenung: « Mieux vaut prévenir que guérir ».

FSHCL